Gudde Moie léif Scouten,

Vir iech alleguerte Merci ze soe vir äert supper Engagement am Ufank vum Joer a well duerch de ganze „Misär" eise mega coole Camp an de Vogese leider a Waasser gefall ass, hunn mir äis als Cheffe geduecht, dass mir äis sou schnell net geschloe ginn. Dofir wëlle mir mat dir zesummen ee richtegen Ofschloss vum Scoutsjoer maache mat enger Grëtz Camp-Feeling. An wou kann ee wuel besser vun dësem „Misär" ofschléisse wann net um Misärshaff!

Also hëpp mell dech ganz schnell un a maach dech prett vir eng Aventure um Misärshaff.
P.S. Falls du dir onsécher bass op de Misärshaff eppes vir dech ass, da kuck dir dëse Video un!!

Mir schloen iech 2 Méiglechkeete fir den Transport fir:

1. Rdv beim Home zu Miersch um **10h15** a mir fuere mat de Kanner op de Misärshaff
2. Rdv um Misärshaff L-8808 Arsdorf um **11h00**

Fir de Retour ass et dann d'selwecht:

1. Rdv beim Misärshaff um **16h00**
2. Rdv beim Home zu Miersch um **16h30**

Umeldung : W.e.g. mëllt Iech iwwert den Internetsite bis den Donneschden 2. Juli mat der Prezisioun op wéie Rdv Äert Kand kënnt, un.

Matbréngen: Dem Wieder ugepasste Gezei, Wanderschong, klenge Rucksak, Schwammsaachen (wann d'Wierder et erlaabt), en eegenen Bidon, Gamelle, Besteck, Kichenduch, Täschemesser,…

Och hei hale mir eis un d'Hygiènesmoossnamen

- Aktivitéiten nëmmen dobausse – ausser fir op d'Toilette, dofir also passend Kleeder undoen
- Desinfektiounsmëttel steet bereet fir tëschenduerch
- Mask oder Buff undoen um Rdv a Retour, wärend den Aktivitéite mat Distanz kennen se ausgedoe ginn
- Äert Kand, Kanner däerf just komme wann et gesond ass
- Bréngt w.e.g. äre perséinleche Bidon mat Waasser mat

Bei Froe kenn der Iech roueg mellen.
Lénks Patt,
Är Scoutscheffen